

## LUXEMBOURG JAZZ MESSENGERS

D'Iddi zu den "Luxembourg Jazz Messengers" ass enstan aus engem Problem, deem d'Jazzmusiker an Europa ëmmer erëm begéinen.

De Programm vun enger Jazz-Band besteet entweder aus de sougenannten Standarden, gewéinlech Lidder aus dem "American Songbook", dem Repertoire vun allen Jazzmusikern op der Welt, oder aus Eegekompositiounen, eventuell och aus Kompositiounen vun aneren Jazzmusikern. De Problem an Europa ass, datt d'Publikum dat amerikanescht Lidderbuch bis op e puer Ausnahme net kennt, an duerfir och net wiirklech versteet iwver wat d'Musiker improviséieren. An dorëms geet et am Jazz: eng kollektiv Improvisatioun iwver e bekanntent Lidd. Aus där Ursaach hu sech d'europäesch Jazzmusiker drop verluegt, eege Stécker ze spillen. Déi kennt zwar och keen, mee erfëllt de Musiker mat engem gewësse Stolz.

Wat ass also ze maachen? Firwat net higoën an esou eppes wéi en "Luxembourg Songbook" dem lëtzbuergeschem Publikum ze présentéieren? An enger Datebank am Internet sinn 2743 lëtzbuerger Lidder opgezielt. Déi ass sécher net vollstänneg an natiirlech sinn do och Adaptatiounen vun amerikaneschen, däitschen oder franséische Lidder ze fannen. Am ganze kann ee vun iwver 150 Joër lëtzebuenger Musik ausgoën.

E puer Aschränkungen an der Wiel vum Repertoire, dee mir virstelle wollten, ware wichteg: 1. sollten den Text an d'Melodie reng lëtzebuergeschen Ursprung sinn, 2. sollten Texter keng militäresch Inhalter hunn oder soss vu Waffen, Juegd an ähnlech schwetzen, 3. sollt et méiglech sinn, se sou ze arrangéieren, datt se spillbar ginn an enger moderner Jazzsprooch, an dësem Fall am Stil vun enger Art modernen Hard-Bop, e Stil deen an de 50er Joëre populär gouf, dee bis haut praktizéiert gëtt a sech ëmmer erëm senger Zäit ugepasst huet. Duerfir och den Numm "Luxembourg Jazz Messengers" als Uspilling op dem Art Blakey sengen Jazz Messengers.

Ier mir un eng CD geduecht hunn, war et elementar, de virleefeg Programm viru Publikum ze testen. Am März 2015 hu mir an enger Stadter Bar e Concert gespillt, an d'Leit ware begeeschtert. Eise Plang ass, eng CD mat de rare Pärelen a mat e puer ganz bekannte Lidder opzehuelen, fir duerno eis Botschaft duerch d'ganz Land ze verbreeden, eventuell och eis Musik am Ausland bekannt ze maachen.



An deem Programm si bekannte Lidder, mee och e puer Raritéiten, déi eis net geleefeg waren. Fir dohin ze kommen, war eng länger Recherche néideg. Mir denken awer och drun, méi rezent Lidder an de Repertoire opzehuelen; dofir muss ee sech natiirlech och op d'Sich maachen. Et handelt sech also ëm e Projet, dee sech iwwer Joëre wäert hinzéien. Domat ass och séchergestallt, datt en sech dauernd erneiert a sech ëmmer erëm nei erfënnt. Duerfir hunn ech d'Musiker ënnert deene beschten ausgewielt:

Georges Soyka (Trompett a Bügel)  
David Fettmann (Altsaxophon)  
Marc Mangen (Piano)  
Boris Schmidt (Bassgei)  
Niels Engel (Jazz)

Et kéint ee sech och virstellen no Lidder ze sichen, déi net am Ländchen, mee ausserhalb vun eise Grenzen am Lëtzbuergeschen am Laf vun der Zäit entstan sinn. Mee dat ass nach Zukunftsmusik.

Marc Mangen

